ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Enn Mäerz 2021 waren offiziell 18.689 Leit hei am Land am Chômage (résidents). De Chômage-Taux (corrigé des variations saisonnières) läit elo offiziell bei 6,1 Prozent. Dat ass eng Steigerung vun 1,6 % am Verglach mat Mäerz 2020. Trotz dëser net gerénger Zuel u Chômeure liest een am neiste Bulletin vun der ADEM, datt d'Gesamtzuel vun de vakanten Aarbechtsplazen, déi bei der ADEM gemellt ginn, Enn Mäerz op 8.194 geklommen ass. Dat sinn der 10,9 % méi wéi am gläichen Zäitraum vum Virjoer.

An dësem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Aarbechtsminister:

1. Kann den Här Minister, am Kontext vun iwwer 8000 fräien Aarbechtsplazen, preziséieren, u wat fir enge Kompetenzen et hei am Land feelt? Ginn et speziell am IT-Beräich Kompetenzen, déi besonnesch staark gefrot sinn?
2. Wat fir Informatiounen huet den Här Minister am Hibléck op d'Profil vun de Leit, déi hei am Land gesicht ginn, fir déi vakant Aarbechtsplazen ze besetzen? Wéi vill vun dësen Aarbechtsplaze setzen eng länger Beruffserfahrung viraus? Wéi vill vun den Aarbechtsplaze kënne vu Leit besat ginn, déi hiert Studium oder hir Ausbildung grad ofgeschloss hunn?
3. Gëtt et, wat vakant Aarbechtsplaze betrëfft, een Informatiounsaustausch tëscht der ADEM an entspriechende Verwaltungen am Ausland?
4. Huet d'Regierung Informatiounen iwwer d'Kompetenzen, un deenen et insgesamt an der Groussregioun feelt?
5. Enn Februar 2021 louch d'Zuel vun de fräien Aarbechtsplaze bei 7.397. Wéi vill vun dëse Plaze konnt d'ADEM am Mäerz selwer vermëttelen? Wéi vill sinn der duerch Qualifikatiounsmoossname besat ginn?

6. Et sinn 1.612 nei fräi Aarbechtsplaze säit Enn Januar 2021 derbäikomm. Kann den Här Minister preziséieren, wat fir Beruffssecteuren an dëser Zuel representéiert sinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742